RAPPORT GENERALVERSAMMLUNG 2013

KML huet seng alljährlech Generalversammlung Samschdes, den 16. Mäerz 2013 zu Koler am Pompjeesbaul ofgehalen.

De Comité war dësen Owend komplett vertrueden.
Eng Rëtsch vun alen souwéi neien Memberen waren uwiesend.

***

No der Begréissung um 18h30 huet de Président Marc Barnig de Reckbleck vum Joer 2013 virgedroen. Dat Ganzt ass mat klengen Videoauschnetter begleedt ginn.

Och 2012 war een erfollegräicht Joer:

- KML huet erem säit laangem een neien Long Métrage erausbruecht. T(w)o Friends ass am Kino gelaf an ass elo op DVD oder Blu-Ray erhältlech.

- KML huet bei diversen Festivaler matgemaach an puer nei Courtmétragen an 1 Videoclip gedréint.

- Divers Dokumentarfilmer sinn och 2012 vu KML festgehal ginn.

***

D'Keessière Carole Weis huet duerno een detailléierte Keessebericht vun 2013 virgedroen. 2012 huet KML ee klengen Bénéfice gemaach an sech ënnert anerem ee Blu-Ray Disk Player, een HDV Player, ee Blu-Ray Brenner a puer Backup Harddisken geleescht.

De Frank huet dunn d'Online Statistik virgestallt. De KML.lu Site hat och 2012 rëm vill Besicher. Facebook a Youtube sinn 2 Platformen wou KML an Zukunft méi Wert drop leet. Enn 2012 war de Site leider wéinst engem Virus eng Woch offline.

***

De Comité, deen 2012 aus 8 Léit bestaan huet, wärt 2013 just nach zu 5 funktionéieren. D'Tache vum Comité bezitt sech dann ausschliisslech op administrativ Aufgaben.

De Alain Welter, de Mich Clemen an den Cyrille Horper hunn eng kleng Ofschlossried gehal a wäerten sech ab elo net méi em di administrativ Aufgaben am Comité këmmeren mee bei aneren KML Aufgaben aktiv ginn.

***

Ausbléck op d'Joer 2013:

- KML organiséiert a Zukunft Filmversammlungen wou all filmbegeeschtert Léit kennen deel huelen. Op deser Table ronde gett iwer nei Projeten diskutéiert an zesummen no kreativen Ideen fir néi Filmer a Clips diskutéiert.

- E puer nei Projeten sinn virgesinn. De Cyrille engagéiert sech fir de Projet „Royal Hamilius, de Marc huet och een neien Skript parat. Dem Gil sain Two more years gett 2013 rem no enger Paus weidergefouert an och de Laurent huet interessant Filmideen.

- Filmakers Night wärt 2013 hier 6t Editioun kreien.

- KML rüst op an keeft sech dëst Joer eng GO Pro Kamera an ee Kamera Slider.

- Ee Beliichter an een Responsablen fir den Toun gëtt weider gesicht.

***

Du war den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer an et stoung Fräi Aussprooch um Programm. Déi nei KML-Memberskaart fir d'Joer 2013 zum Präis vu 5€ ass verkaaft ginn. Den Owend dass mat engem Patt ausgeklongen.